

Bd. N^o 144

1+1+1=3

E Fraleitsspâss

an engem Akt vum
HAUPESCH HILÄR

All Rechter virbehalen



1933

Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS
LETZEBURG




Bemierkongen

D'Sâch passe'ert an enger Ne'scho'l. An engem gro'ssen Zômmer stêt e lângen Dösch a ronderöm eng Dose Still an eng Fotèll. Un der Mauer hânke Portre'en, Landschaften a Modèlle fir Klêder. Am Eck eng Popp (e Mannequin) fir unzemôssen.

Perso'nen.

1. *Ning Le'ermédercher* vu 15—20 Joer. No der Foarf vun de Blûsen an de Bèrre'en huet d'Mêschtesch s'an drei Gruppe gedêlt: de' Weiss, de' Ro't an de' Blo. Zum e'schte Grupp gehe'ren: d'Margre't, d'Gre'tchen an d'Gritti; zum zwêten: d'Katrin, d'Kätti an d'Trini; zum drötten: d'Maria, d'Marjänni an d'Marri.
2. *D'Joffer Juli, d'Le'ermêschtesch.* Eng êler Perso'n mat e bössjen altfränkesch Spötzen a Garnituren un de Klêder; d'Hoer exakt an der Mött geschêd, eng weiss Kollerèttchen em den Hals, e göldent Kreiz op der Broscht. Eng gro'ss Sche'er bommelt un enger schwarzer lieder Zëntur. E guttmiddegt, treit Gesîcht.
3. *D'Joffer Kokliko,* Inspektesch vun der Scho'l. Stietsme'sseg erausgefîzt. E Bubikapp mat engem Spötzenhittchen, eng samèttèn Taill, eng gring Spärejupp. Eng grimmel agebîlt, vun uewen erof; soss eng gutt Se'l, de' vill Verstêsdemech huet fir de Gêscht an de Korèkter vun den Duerfleit.

D'Le'ermédercher hu beschloss, der Mêschtesch fir hiren Dâg eng Iwerraschong ze mâchen. Fir déer Sâch en êgene Kasche' ze gin, soll jidder Grupp no sengem Gu e Geschènk eraussichen an dann der Rei no der Joffer et iwerrêchen, we' d'Lo's et bestômmt. Dobei soll e klèngt Fèstlidd gesonge gin.





1. Zén.

(Den Namensdâg vun der Joffer Juli ass do. D'Médercher hun hir Sâch an der Rei, o'ni dass ê Grupp dém aner verroden hätt, wât e kâft huet. D'Mêschtesch sôtzt an hirer Fotèll beim lângen Dösch ze ne'en.)

D'Joffer: (Si kuckt op t'Auer.) Ech wêss net, meng Médercher sin haut net exakt. Et ass dach kê Feiertâg! (Et klappt un der Dir.) Entrez!

Den 1. Grupp. (De' «Weiss» kommen eran. D'Margre't huet e Buki weiss Moargre'dercher, d'Gre'tchen dre't op engem Platto e weisse Kaffe'szèrwiss a seide Pa-beier ageweckelt, d'Gritti hält èppes Klènges, Ronnes an der Hand verstoppt.)

Allen drei: Gudde Muerge, Joffer!

D'Joffer: (O'ni opzekucken.) Gudde Muerge, Kanner! Eren Zuch hât Verspe'dong.

D'Gritti: Entschöllegt, Joffer! Mir hâten nach èppes Extras ze besuergen. (lâchendes Monds) Mir wenschen Iech Gléck a Ségen zu êrem Namensdâg.

D'Joffer: (Kuckt ganz verwonnert op.) Zu mengem Namensdâg?

D'Margre't: Mé Joffer, Dir wösst dach, dass haut Julientâg ass!

D'Gre'tchen: A wel dir Iech schonn eso'vill mat eis geplot huet an ömmer so' frentlech a nosichteg mat eis woart, wollte mir Iech eng klèng Frèd mâchen.

D'Joffer: Dir mèngt et zevill gutt mat mir. Ech hun dât net verdingt.

D'Margre't: (Rêcht hir de Buki.) Huel des Blo'men als e klènge Beweis vun eiser Erkènttlechkêt. 'T sin zwar nômmen einfach Wiseblo'men, mé si sollen Iech soe, wât mir wenschen: Hèll a kloer we' hir Foarwen sollen all de' Stonnen an Dég sin, de' den Himmel Iech nach vill Jore lâng soll schènken!

D'Joffer: Villmols mèrssi, dir brâf Kanner!

D'Gre'tchen: (Höllt de Pabeier vum Geschènk ewèch.)
D'Blo'me si fir ze kucken an ze richen. Mé duer-
niewent get et och nach villerlé fir ze schmâchen.
Eng gutt Tas Kaffe' z. B. kent ömmer wöllkem, zemol
wann Damme beienê sin. Da babbelt et sech nach so'
licht, wann den Arom vun enger Tiesje Moka engem
em d'Nues brimzt a kruwelt, an dé brongen Nèktar
we' ale Likâr iwer d'Zong spadse'ert. (D'Gre'tchen
iwerrêcht den Zerwiss. De' drei sangen.)

Mir schènken Iech zu êrem Dâg
E Kaffe'skro' mat Tasen.

Mir wenschen, dass et Iech draus schmâcht
Nom Schaffen a beim Spâssen.

Drénkt mat Fréden Dâg fir Dâg
Eng, zwo', drei, ve'r Tasen!

(No der Weis: Wir winden dir den Jungfernkranz,

vum K. M. Weber.)

D'Joffer: We' filo'zeg ass dât geduecht a gesot! Dir krit
Strêch. Iech eso' an d'Käschten ze werfen! Ech kann
dât jo bal net iwer mech huelen. (Si kuckt de Kro', de
Möllechkriehjen an d'Tasen a mecht gro'ss Aen.) Nêh,
nêh, dâ's êmol zevill.

D'Gre'tchen: Huelte dir et frei, Joffer; et kent vu guddem
Hêrz. Dât Geschènk soll Iech heiantdo erönnere un
êr fre'er Le'ermédercher. Wa mir Iech — o'ni be'se
Wöllen — allerlê Ierger a Verdross gemâcht hun,
dann hätte mir gär, wann dir dât vergiesse ge'ft, a
wir et och nömme bei enger Schlippche gudde Kaffe'.

D'Gritti: (Rêcht hir e sölwer Fangerhutt.) We' Fleiss a
Le'ft dât bèscht Möttel si ge'nt Suergen a Verdröss-
lechkêten, so' soll dén Hittchen hei êre Fanger behid-
den viru Stech a Pick. Fir vill Leit ass hien en hand-
gröfflecht Zêche vu Fleiss an Dichtegkêt am Stôt. Wo'
de Fangerhutt an d'Nol net me'sseg doleien a ver-
raschten, do kann ê secher sin, dass Propperte't an de
Klêder an am Léngend an och Spuersamkêt am Haus
ze fanne sin. Eng haushälteresch Froa bitzt a fléckt
bannen a baussen. Vun hir hêscht et net: Ueweneröm

de Spötzekranz. önneneröm de Läpp net ganz. Si ne't
a mecht sech honnert Sâche sêlwer, so'weit wi d'Zeit
an d'Kènnschâft dât erloaben.

De Fangerhutt an d'Nol
De' si we' Mann a Fro:
Ass ênt net op der Mol,
Dann ass kê Fortgank do.

So' soll och dé Fangerhutt hei Iech en treie Frennd sin
a bleiwen.

D'Joffer: Villmols, villmols mèrssi, Kanner. Ech wêss
wîrklech net, we' ech Iech genuch danke ka fir de'
sche' Wîrder an de' prâchteg Sâchen. Nâxtens wêrd
ech mir erloaben ... ('T klappt un der Dir. D'Méder-
cher sêtzen den Zêrwiss an d'Blo'men hûrteg op en
Eck vum Dösch a léen e weisse Pabeier driwer.)

2. Zén.

D'Joffer: (Gê't d'Dir opmâchen. De' «Ro't» stin do mat
hire Geschênker, alles a rosa seide Pabeier age-
wêckelt.) Ah dir sit et! Ech woar elo bal erschrêckt.
Da kommt dach eran! (Se gin an d'Zômmer.)

D'Maria: (E Buki ro't Ro'sen an der Hand.) Bonjour,
Joffer! Exkuse'ert, wa mir e puer Minutten ze spe't
kommen. A wel haut êren Dâg ass, do wensche mir
Iech alles, wât dir Iech sêlwer wenscht. De' Ro'sen
hei solle fir eis schwâtzen: hir feireg Foarf soll Iech
soen, dass mir Iech ömmer dankbar si fir alle de'
sche'n a nôtzlech Sâchen, de' mir bei Iech gele'ert
hun a nach le'eren. Mir wêrden dât ni vergiessen. (Si
get hir d'Blo'men.)

D'Joffer: An ech Iech och net. Mèrssi fir elo.

D'Marjänni: Le'f Joffer! d'Blo'men daueren nômme vun
zwielef Auer bis Môtteg. An duefir wollte mir Iech
èppes schênken, wât Iech jorelâng Frêd ka mâchen.
Wât ass wuel enger Damm me' le'f we' e Kaffe'skro'
mat allem wât derzo' gehe'ert? De Kaffe' dêt t'Ae
fénkelen, d'Bâke ble'en, d'Zonge lâfen an d'Hêrzer
me' löschteg klappen. Nach vill, vill Jore soll dese

Kro' Iech dé Genoss verschâfen, ê vun déne sche'nsten,
de' eng Fra dohém kann hun. (Et rêcht den Zèrwiss.
Si sangen a schwènken d'Bên.)

1.

Wât kann eng Fra net mössen,
Se'tz s'och op seide Kössen.
Hir Hänn a Fe'ss a Ro',
Hir Hänn a Fe'ss a Ro'?
Dir braucht net lîng ze sichen,
Dât ass de Kaffe'skrichen
A wât nach passt derzo',
A wât nach passt derzo'.
Glugluglugluck,
Glugluglugluck,
A wât nach passt derzo'.

2.

Dir wèrd eis neischt verdènken,
Wa mir zum Dâg Iech schènken
E ro'de Kaffe'skro',
E ro'de Kaffe'skro'.
Fir êr Geloscht ze stöllen,
Lôsst hien Iech d'Tas gutt fôllen,
Dât mecht Iech frösch a fro',
Dât mecht Iech frösch a fro'.
Glugluglugluck,
Glugluglugluck,
Da lâcht Dir ömmerzo'.

(Weis: Im Wald und auf der Heide.)

D'Joffer: (Ganz gene'ert.) Meng le'f Kanner, dir mëngt
et jo ganz gutt, an 't dêt mir wîrklech léd ...

D'Marri: A wuefir da, Joffer? Dir huet dât me' wi ver-
dingt. A wel dir eis am Bitzen a Flécken so' dichteg
virugehollef huet, du wollte mir Iech och e klènge
Souvenir un de' Oarbecht schènken. Wât ass fir eng
Froa me' onentbierlech we' de Fangerhutt, dén oart-
leche Pättchen? D'Mânsleit hu gâr e gro'sse Patt mat
Drauwegold oder Gêschtesâft gefôllt; dât schmâcht
hirem Mond an hirem Beichelchen. Mir Froaleit sin

alt zefridde mat eso' engem bînzege. klînzege Pättchen. dén eistem bèschte Fanger bei senger kröspelecher Oarbecht virunhöllefen an als Schutzengel dinge soll. (Et get der Joffer e ro'de Fangerhutt.)

D'Joffer: Kanner, Kanner, êr Gutthêt mecht mech ganz verléen. Ech wêss bal net me'. wo' ech meng Hänn ulée soll. Wann dât eso' virugêt, kann ech mir geschwönn e Müsé arichten mat all déne prächtege Sâchen, de' ech vun iech geschènkt kre'en. Gèlt. Margre'tchen? (D'Margre't, d'Gre'tchen an d'Gritti hu bei déer ganzer Zén ênt dât anert gesto'ss, sech bekuckt a gekickelt a geschmotzlâchelt.)

D'Margre't: Joffer, dir huet elo we' ê sêt l'embarras du choix. Dir könnt elo vill Leit fro' mâchen.

D'Joffer: We' mëngs de dât? (Et klappt un der Dir. De' «Ro't» verstoppen hiren Zèrwiss.) — Herein!

3. Zén.

(De' «Blo» kommen eran. Si hun e Buki Vergissmeinnichter, e bloe Kaffe'szèrwiss an e bloe Fangerhutt.)

Allen drei: Gudde Muerge, Joffer! Mir sin de' lèscht...

D'Joffer: (lâcht.) Dât sin de' bèscht.

D'Kätrin: Mir brengen Iech en Hêrzvoll Gléckwensch fir êren Namensdâg. Hei de' Blo'me (si get der Joffer se) soen iech, wât mir fillen a wât mir dênken. Mir danken Iech villmols fir êr Frentlechkêt a mir wèrden ni vergiessen, wievill dir Iech fir eis geheit a geplot huet. Mir wenschen Iech vill, vill Gléck: fir lâng ze liewen a gleckse'leg ze stierwen an duerno eng Kro'n am Himmel.

D'Joffer: (lâcht.) An iech e Neitjéerchen. Kanner, Kanner, wât set dir der emol! We' soll ech iech danken? Ech komme mei Liewen net me' aus der Schold eraus.

D'Kätti. A fir dass der och alt dohém nach heiantdo un eis dênkt, do bieten mir Iech, dât klèngt Geschènk hei an de Gebrauch ze huelen. Vun all dém Geschir, dât d'Froa am Stôt net entbiere kann, hóllet de Kaffe'skro' d'E'replâtz an. De Komp an d'Zalèttchen doarfen net

félen um Möttesdösch, me' de Kaffe'skro', dâs den
Hêrzenstre'schter, de Bèckerèlli, dén d'Suergen
ewèchzaubert an den Himmel ospèrt.

Wie get dermèscht genannt?
De Kaffe'skro' vrun allen.
Vu Bèrburg bis no Pallen
Ass hien als Biz bekannt.
Hie mecht all Froae frentlech
An d'Hêrzer voller Schwonk;
Hien hêlt all Suerge gröntlech
Mat sengem Zauberdröck.
A schwätzt hien an der Ucht,
Lâcht d'Fréd gleich an t'he' Lûcht.
En Hoch fir eise Frend,
Dén ömmer wöllkem kent!

(De' aner klappen an d'Hänn a ruffen «Hoch!» · Si
sangen:)

Dank a Frédéric din d'Hêrzer walen
Haut op èrem sche'nen Dâg,
Haut op èrem sche'nen Dâg;
Fir Iech an der Rîcht ze halen,
Schênke mir Iech eng gutt Sâch:
Kuckt, dé Kaffe'skrichen hei,
Dén ass voller Zauberei;
Wel wann hie sei Glugluck séngt,
D'Gloscht Iech bal zum Hals 'rausspréngt.
Mierkt Iech gutt, wât hien Iech sét:
«Drénkt so'lâng ass d'Zong nach frét,
Eng Tas an nach ömmer, ömmer eng,
Le'wer eng zevill we' kèng!»

(Weis: Wer will unter die Soldaten.)

D'Triny: An hei nach èppes Klènges: ('t rêcht der Joffer
e bloe Fangerhutt) 't ass net so' gro'ss we' d'Kre' an
d'Tasen, an dach ganz bekuém. Huelt et oaf an dènt
derbei: Klèng ower rèng. 'T si net de' Gro'ss elèng,
de' d'Oarbecht mâchen; d'Bo'ne wuessen un de Bo'ne-
stâchen. Et ass an èngems e Botzstéck fir de lânge
Fanger. Fir sech me' sche'n ze mâchen, hânken d'Froa-
leit gâr allerlê blénkeg Geschir an d'Hoer, un den

Hals. un t'Ärm. un t'Hänn. un d'Poschen. un d'Bottinnen a Gott wëss wuer nach: si fierwen sech Aperhoer. d'Bâken, d'Löpsen. so'gur d'Nél vun de Fangeren an den Ze'wen. Dâ's allerlè. De Fangerhutt ass virun allem e praktescht Instremènt. Dobei mecht en ower och guer net iwel um Fanger, zumol wann e blo ass. d'Foarf vun der Romantik an der e'weger Trei. Als Bild vun der Trei soll hien och hei iwerrécht an ugeholl gin.

D'Joffer: (Dèckt de' aner Geschenker op. D'Médercher lâchen an engem fort.) Drei ass göttlech. sét en ale Sproch. 'Lo kann ech meng Penzio'n huelen a mech dreimol des Dâgs beim Derèngeldeshären um Kaffe' regale'ren an all Ke'er aus engem anere Geschir. Un Ofwiesselong félt et also net — an u Gesellschaft secher och net. Eppes fällt mer op a gefällt mer besonnesch: Dat dir dreimol op de' sèlwegt Ide' kom sit; dât beweist, dass kê seng hêmlechst Gedanken, seng richtig Natur verlêgne kann. Nu gutt, wât iech sèlwer am nohtste leit an dir sèlwer am gärsten huet, dât gefällt mir och, trozdem et des Ke'er dées Gudde bal e we'neg vill go'f. Wel wât mâchen ech mat dénen drei Zèrwissen an dénen drei Fangerhutten? ... (Et klappt un der Dir. D'Médercher sätzen sech hûrteg op d'Still em den Dösch. D'Joffer gêt opmâchen.)

4. Zén.

D'Inspèktesch: Bonjour, Joffer Juli! Bonjour, dir Kanner!

D'Joffer: (Eppes verléen.) Bonjour, Joffer Inspèktesch!

D'Médercher: (Stin op a soen.) Bonjour, Joffer Inspèktesch!

D'Inspèktesch: A we' gêt et? (Si get der Joffer Juli d'Hand.)

D'Joffer: Ech danke fir d'Nofro. Iech gêt et och gutt, 't brauch ên net ze froen. Kommt, huet Iech Plätz, wann Iech gelifft!

D'Inspèktesch: Mèrssi, Joffer. Wann ech net inkommode'ren, dann erlâbt der mir vleicht, e puer Minutten nozekucken, wât êr Elêwe schaffen.

D'Joffer: Mat Plese'er.

D'Inspèktesch: Sötzt iech, dir Kanner! We' huet dir êren Dösch eso' sche' garne'ert, Joffer Juli! Dir sit secher am Gâng de Médercher ze weisen, we' ên den Dösch arrange'ert fir e Familien- oder e Verlobongskaffe'? A wât huet dir do fir süperb Blummen a magnifiques Sâchen! (D'Médercher sto'ssen ênt dât anert a kikelen.)

D'Joffer: Entschöllegt villmols. Joffer Kokliko. Meng Médercher hu mir eng Iwerraschong gemâcht fir mein Dâg.

D'Inspèktesch: Mé da falen ech jo grad we' en Dîrwiechter an d'Kîrmesfréd. Neischt fir ongutt, Joffer Juli, ech wöll net Spillbréchesch sin. Mes meilleurs vœux de bonheur, dass mir nach lâng d'Plese'er hun, Iech hei à l'œuvre ze gesin.

D'Joffer: Mé do fällt mir èppes bei. Ass d'Joffer Inspèktesch net och eng Juli? Ech mênge jo.

D'Inspèktesch: 'T ass nawel wo'er. Mir si Guetskanner. Nömmen hât ech kêng eso' eng Schanss we' dir; 't huet kênen u mech geduecht.

D'Joffer: Dann huele mir dât elo no. Kanner, wât eng Fréd! Eis Joffer Inspèktesch ass och eng Juli. Si soll liewen: hoch! hoch! hoch! (D'Médercher ruffe mat a sange op d'Weis: «Zo' Arel op der Knippchen».)

1.

D'Inspèktesch de' soll liewen
A Fréd hu fir hir Me'!
Eis Mêschesch och derniewen
Mat hire Kaffe'skre'!
Bereléndénk direlirelénk,
Bereléndénk direlirelénk
Mat hire Kaffe'skre'!

2.

D'Inspèktesch kontrollé'ert,
An dât ass gutt eso';
Si wêss wât sech gehe'ert
An dréckt en O hott zo'.
Bereléndénk direlirelénk,
Bereléndénk direlirelénk
Si dréckt en O hott zo'.

3.

Se'ss we' eng Schoklasknippchen
 Soll d'Liewe fir Iech sin!
 Gutt we' eng Kaffe'sschlippchen,
 De' mir gär ge'we gin!
 Berelénkdénk direlirelénk,
 Berelénkdénk direlirelénk
 De' mir gär ge'we gin!

D'Inspèktesch: Merci mille fois, dir Kanner, fir èren
 nobele Gèst!

D'Joffer: (Zu de Médercher.) Elo kent mir eng Idi. Dir sit
 secher all dermat averstân, dat mir d'Joffer Inspèk-
 tesch bieten, sech ê vun dénen drei Zèrwissen ze
 wielen, fir hir ze weise. we' gär ass mir se hun.

D'Inspèktesch: Dât dûrf ech jo net. Non, cela ne se fait
 pas. Si sin dach allen drei fir Iech kâft gin, Joffer
 Juli.

D'Joffer: Huet dir Iech frei dén eraus. dén Iech am
 bèschte gefällt. Dât Geschènk soll e klènge Mèrssi
 si fir dén Intérèsse' an de' Frentlechkêt, de' dir eiser
 Scho'l ömmer bewisen huet.

D'Margre't: An och vleicht e Fangerhutt als Erënnerong
 un dât Fest vun hott?

D'Joffer: Nawèll.

D'Inspèktesch: Ech kann êr graziös Offèrten ower bal
 net unhuelen, soss ge'f jo de' sche'n Dreihêt an
 d'Bréch goen. Drei ass eng hêleg Zuel. Me' fir de
 Kapp net ze weisen, wâr ech porte'ert, êre Kado ze
 akzèpte'ren. Nömmen, wel kê juge ass a senger êgener
 Sâch, muss d'Joffer Juli oder eng Elèwin de Choix
 mâchen.

D'Joffer: Loss mer Lo'sen ze'en!

D'Inspèktesch: A la bonheur! Dât ass eng Zoluzio'n. Eng
 onschölleg Hand soll entschêden.

D'Joffer: Katrin, huel drei Tûten a lé a jiddereng eng
 Blo'm vun enger anerer Foarf.

D'Marijünni: D'Joffer Inspèktesch muss sech sèlwer be-
me'en. Wel mir hun am Liesbuch gele'ert: Jeder ist
seines Glückes Schmied.

D'Trini: Chacun, chacune est le maréchal de sa fortune.
(Si lâchen all.)

D'Joffer: Trini, Trini, du muss geschwönn en Tour de
France mâchen.

D'Trini: En Eiffel oder en Tur de Notre-Dame?

D'Inspèktesch: Kuck do we' fiffeg! (D'Katrin bréngt drei
Tûten. D'Inspèktesch wielt a mecht op.)

D'Inspèktesch: Eng Mârgre'tchen!

D'Marijünni: Dir sit e Gölleguetskand, Joffer Inspèktesch.

D'Joffer: Do wire mer emol mat dém Punkt am kloren.
Wât mâchen ech ower mat dénen zwe'n Zèrwissen,
de' nach bleiwen? D'Kanner hun et zevill gutt mat mir
gemèngt. Fir mech ass ê me' wi genuch. Ech hu mer
schonns ewel de Kapp zerbrach, we' ech dén anere
könnt plasse'ren.

D'Inspèktesch: Losst mer soen, dén ên Zèrwiss ass fir
dât Médchen, dât t'e'scht fianse'ert get.

D'Gritti: (Strèckt de Fanger aus.) Ech wëss èppes. (D'Mé-
dercher bekucken ênt dât anert a schmûnzeln.)

D'Trini: Ech och. (De' aner lâchen hoart.)

Aner: Ech och.

D'Inspèktesch: A wât wösst dir dann? Eraus mat der
Fârf !

D'Joffer: Ech mènge, ech we'sst och èppes. Wann dir
erloabt, Joffer Kokliko: Wât firênt vun iech huet nach
kê Freier, kê offenen a kê hêmlechen? Dât strèck
de Fanger an d'Lûcht!

(D'Médercher bekucken ênt dât anert. D'Maria hiewt
de Fanger eng Grimmel op.)

D'Trini: Wölls de wuel... (D'Maria le'sst de Fanger lues
falen.)

D'Gritti: Hues du dem Mätti e Kuerf gin?

D'Maria: Lôss du de Mätti aus dengem Mond! Hien ass
ômmer so' sche' we' dei gespêchelechte Batt.

D'Gritti: Wann en dé pickege, stronzege Schnorres net hätt.

D'Maria: Dé gene'ert mech net.

D'Trini: Dât glêw de Papp. Zemol beim Lîchteschein.

D'Maria: Du brauchst emol kê Lîchteschein, wanns du bei dengem stês.

D'Joffer: Oho! Alt net eso' uerg!

D'Maria: Ech kann eso' gutt ên hu, we' de' aner.

D'Inspèktesch: Ech konstata'ren, dass dir all bedeitend Progrèn an de Prélinaire vum Mariâsch gemâcht huet. Duefir eng zwêt Fro: Wie vun iech huet schonn Handstrêch gehalten oder eng Verlobongsbês kritt...

D'Joffer: A woart blo's mam Bestuede, bis et eng Hues strêcken, en Hiem fassengerlech mâchen an dem Männchen e neien Hônner asêtze kann?

All: D'Margre't! D'Margre't!

(D'Margre't get ro't ewe' e Krîbs a kuckt an de Buedem.)

D'Joffer: Kurâsch, Margre't! Dâ's keng Schân. Dât ênt ' kent fre' drun, dât anert me' spe't.

D'Inspèktesch: (Mat engem schwe're Seifzer.) En anert ni.

D'Joffer: Dâ's Liewesloaf. D'Margre't huet sech getommelt. Hat ass dât e'scht an der Rei, ower net dât lèscht. Duefir kann hat sech de Kaffe'skro' wielen, dén e'schten a net dé schlèchtste Miwel am jonge Stôt, we' dir elo e'nescht gesot. Ech mêngen so'guer, mir schênken him dé ro'den; dâ's d'Hêrzfoarf.

D'Médercher klappen an d'Hänn a ruffen: Wîf d'Margre't! Si sangen a klâken nom Takt an t'Hänn.)

Mir schênken dir zum Ho'chzeitsdâg
E Kaffe'skro' mat Tasen.

Mir wenschen, dass et dir draus schmâcht,
We' dât muss fir eng Fra sen.

Drénk mat Fréden Dâg fir Dâg
Eng, zwo', drei, ve'r Tasen!

D'Inspèktesch: A we' hêscht dann dén Auserwielten, wann ê froen dêrf?

D'Margre't: (zéckt a schmünzt eso' hêmlech.) Jangen Néckel.

D'Joffer: Brawo, Margre't, du hues e gudden Nummer gezun: De Néckel ass den Hunn vum Duerf. Joffer Kokliko.

D'Inspèktesch: An e Fangerhutt muss du och kre'en. Dâ's e klengen, ower e renge Miwel. De Fangerhutt an d'Nol si fir d'Hausfra, wât den Huemer an d'Zâng fir de Schmatt, wât den Huwel an d'Sé fir de Schreiner, wât de Lêscht an d'Söll fir de Scho'schter.

D'Katrïn: Wât d'Notizbuch an de Bleistöft fir t'Inspèktesch. (Si lâchen all.)

D'Inspèktesch: Gutt gesot, mei Kand.

D'Joffer: Nu losst mer d'Schanss ower och nach eng Ke'er entschêden din, wât fir e Buki si jidderèngem resèrwe'ert.

D'Inspèktesch: D'Margre't ze't fir t'e'scht. (D'Kätti brengt d'Tûten.)

D'Margre't: Ech bieden Iech, Joffer Inspèktesch. Et fänkt ên ömmer beim ieweschte Knapp un. (D'Inspèktesch ze't eng Ro's.)

All: Brawo!

D'Joffer: De' Ke'er hât den Zo'fall eng glécklech Hand. Dir wösst jo all: d'Ro's ass d'Kinigin vun de Blo'men, a ro't ass d'Foarf vun der Le'ft. Wo' könnt ên ower me' e feiregt Hêrz fannen ass we' bei eiser Inspèktesch! Hir Le'ft brêt d'Flileken iwer all de' Kanner aus, de' hirer Kontroll uvertraut sin. We' eng gutt Mamm, net we' e schoarfe, stramme Polizeidirèkter, iwerwâcht si eis Scho'len; si wêss wât eisen zo'könftege Froae profiterlech ass; si verstêt och d'Gemitt an d'Idien vun de jonge Médercher, an duerfir fönnt och hir Le'ft dé verdingte Lo'n: d'Dankbarkêt an d'Le'ft vun eis all.

All: Brawo! Wîf d'Inspèktesch!

D'Inspèktesch: Dir mâcht mech schimmeg. Ech wêss net, ob ech dé Luef do verdengt hun. Jiddefalls danken ech iech villmols fir de' sche'n Zentimènter an de' guttgemèngt Intenzio'nen.

D'Margre't: An elo ass eiser Joffer hiren Tur. Katrin, rêch de' zwo' Tûten hier!

D'Joffer: De Jonktem gêt vir, hêscht et hott an der Wêlt. De' Al kommen no. Allez Margre't, greif zo'! (Et ze't eng Moargre'tchen.)

D'Inspèktesch: Quelle chance! Ech menge, Margre't, du hues eng Allianz mam Gléck gemâcht. Deng Blo'm bleiwt dir trei. So' hêll a reng, so' simple an duss we' deng Hîrzensblo'm soll och dei Liewen ömmer sin; keng Falschhêt, keng schwârz Wollek soll spe'der dei sonnegt Hêm verdonklen, an eng nombreuse progéniture, Kanner a Kandskanner solle Fréd a Fridde bei dir fannen.

All: Brawo! D'Margre't soll liewen hoch! hoch! hoch!

D'Kätti: (Höllt de Buki Vergissmeinnichter a rêcht der Joffer en.) De' lèscht sin de' bèscht, huet dir elo e'nescht gesot. We' des Blo'men et soen, wèrde mir eis Joffer ni vergiessen. Ni vergiesse, wât si fir eis gemâcht, we' besuert si fir eis woar, mat we'vill Gedold (— d'Gedold vun der Neimillen ,sét ên —) si eis gele'ert a verbèssert huet. A mir sin iwerzêgt, dass si eis och net ganz vergiesse wèrd, wann et och nômme wégen eise Kuêschhête wir.

All: Wif eis Joffer!

D'Inspèktesch: Ech appruwe'ere vollstänneg, sans réserve, de' sche' Wîrder vum Kätti. C'est la vérité pure et simple. D'Joffer Juli huet hiren Devoir ömmer voll a ganz gedôn. Vous pouvez être fières, mes enfants, eso' eng dichtetg Directrice ze hun. Follegt hire gudde Rot-schle', an dir wèrd et ni ze bereien hun. Je la connais mieux et plus longtemps que vous toutes an ech si fro' eso' eng Krâft en tête vun êrer Scho'l ze hun. Durfir rufft mat mir: «Wif d'Joffer Juli! Wif! Wif!

D'Joffer: Ech hätt bal Ursâch stolz an iwermiddeg ze gin, no all dém, wât hei geschitt ass a gesot go'f. E gudde Gêscht huet hott eng glécklech Roll hei gespîlt. Onerwoart hu besonnesch drei Hêrzer eng gro'ss Fréd erliewt. Fir mech woar et eng zingduebel. Er Le'ft, èr Erkènttlechkêt, dir Kanner, huet mir an der Se'l gutt

gedongen. Amplätz e Verweis vu menger Inspèktesch ze kre'en, hât si Verständnes a Nosicht fir êr Joffer. Si huet durch hir Wirder bewisen, dass si och gâr derbei ass, wann d'Dankbarkêt eso' e sche'nen Ausdrock fönnt, we' dât haut de Fall woar.

D'Inspèktesch: Er Elèwen hun de Beweis furne'ert, dass eng fleisseg, e'erlech Aarbecht trouve toujours sa récompense. De' richtig Dankbarkêt ass eng délikât Blo'm; si wîsst nuren an engem onverduerwene Gemitt. An duefir muss ên se respèkte're, wo' ên se fönnt.

D'Joffer: Meng le'i Kanner! E Spréchwûrt sét: gedêlt Fréd ass duebel Fréd. Dât hu mir hott gesin. Er Komerodin konnt elo erkennen, we' jidderên hir vun Hêrzen dât Bèscht vergonnt. Jidderèngem sein Tur; d'Erd dre't sech, a jidderê krit Sonn. Gidder Froa krit och dé Kaffe'skro', dén si verdingt. A wel d'Le'ft, oder eng glécklech, pre'weg Hand eis haut iwer d'Môss mat Kaffe'sgeschir beschênkt huet, lueden ech iech ân, nächste Sonndeg bei mech eng Tiesje schmâchen ze kommen.

D'Inspèktesch: An ech stèllen d'Gebäcks.

D'Margre't: An ech dât Se'sst.

D'Kätti: Jo, duerop verstêss du dech' och am bèschten.
(Si lâchen all.)

D'Trini: Elo ge'f ech virschlo'en, zu E're vun dénen drei «Preisgekrônnten» d'Schlussstrôf vum Kaffe'slidchen ze sangen.

All:

Mir wenschen iech ân êre Kre'
Vill fro' a glécklech Stonnen.
Verse'sse sollen s'iech all Me'
An hêle Suerg a Wonnen!
Kaffe' spe't a Kaffe' fre',
Kaffe' hêlt all Wonnen.

(D'Weis: Wir winden dir.)

D'Inspèktesch: Ir mir ower zur Giddertrènnong prozedere'n, we' d'Le'ft se haut verordne'ert huet, hätt ech nach eng Propozizio'n ze mâchen. Mir gesin hei um

Dösch drei Grondfârwen: blo, weiss a ro't. Wuerun erönnenen de' drei Fârwen?

D'Marri: Un eis Kîrmestoalètt. (Si lâchen all an t'he' Lûcht.

D'Joffer: (mecht e Fanger.) Marri! Marri!

D'Inspèktesch: (lâchendes Monds.) Dât ka jo stömmen, mei Kand, wel de' hëll Fârwe gin haut iwerall gedroen. Wuerun erönnenen s'ower nach?

D'Margre't: Un eisen Hémechtsfändel.

D'Inspèktesch: Brâf, mei Kand. Du beweis, dass du Iwerléong genuch hues, fir bestued ze gin. Wie kènt nun e Lidd vun onsem Lentz, wo' hien eso' sche'n op seng Mane'er d'Bedeutong vun dénen drei Fârwen ervirhiewt?

D'Trini: «D'Fre'jor ze't mat dausend Ble'en».

D'Marri: Ech mènge d'Trini kônt och geschwö beim Paschto'er uklappen.

D'Inspèktesch: Kuck do de' Lûss! Mé Spâss à part. Wann d'Joffer Juli erlâbt, da sange mir elo zesammen d'Lidd vun den «Drei Fârwen». D'Margre't wèrd secher neischt derge'nt hun.

D'Joffer: Dâ's wîrklech eng famo's Idi. (Si sangen.)

1.

D'Fre'jor ze't mat dausend Ble'en
A mat Blumme bei ons ân;
D'Schmuelmesch streift erôm am Fle'en
Iwer Böscher a Gewân;

An den Himmel ass blo
We' dem Schätzche seng Aa'n,
Dé mam Fre'jor ass kom
Mir gezun an d'Hêrz erân;
Himmelblo, Himmelblo,
We' gi mir de' Aen no!

2.

An de Wise ble't eng Blimchen.
 Wo' we' frösche Schne' op leit,
 Dat ên net emol eng Strimchen
 Aner Faref dru geseit:

Wann ech d'Blimche gesin,
 De' am Grengé mir licht,
 O dann denken ech och
 Un dem Schätzche sei Gesicht,
 Weiss we' Schne', weiss we' Schne'.
 We' de' Blimchen an der Ble'.

3.

D'Gârde botzen sech an d'Hècken
 Mâche sche'n sech iwerall,
 A mat Ro'sen si sech dècken.
 We' vum Himmel drop gefall;

Wann eng Ro's ech gesin,
 De' am Grengé mir licht,
 O dann denken ech och
 Un dem Schätzche sei Gesicht,
 We' eng Ro's, we' eng Ro's,
 Dér eng Bés get d'Sonneglo's.

4.

Jo, den Himmel an de' Blummen.
 De' mer so' vill Sche'nes sôn,
 Huelt se allen drei zesummen,
 Dât sin d'Fârwen de' mir drôn:

Wann ech si so' gesin
 Un dém ârtleche Kand,
 O we' denken ech dann
 U mei Letzeburger Land:
 Blo a weiss, weiss a ro't
 Hu mir gier bis an den Do'd.

N. B. Fir sech dât ro't a blot Geschir o'ni vill Käschten
 ze verschâfen, kann ê ro'den a bloe Postpabeier op
 weiss Geschir pèchen. D'Blo'me können och aus
 démsèlwegte Stofft sin.